N°7584
Entrée le 10.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.02.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

An der Fro n°7583 hunn ech d'Madamm Gesondheetsministesch ëm d'Zuelen zum Patientendossier DSP gefrot. Fir d'Zuele vum DSP a Relatioun kënnen ze setze muss een awer och wëssen, wéi vill Leit am leschte Joer een Dokter opgesicht hunn, wou Dokteren hätte kënnen Informatiounen am DSP aginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Ordonnancë sinn d'lescht Joer bei der CNS agaangen (opgelëscht pro Woch)? Wéi vill waren der an enger Klinik ausgestallt ginn?
2. Wéi vill Consultatiounen huet d'CNS d'lescht Joer rembourséiert (opgelëscht pro Woch)? Wéi vill waren der an enger Klinik ausgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten